

Här Claude WISELER
Chamberspräsident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 17. Juni 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„Dat statistesch Bundesamt huet rezent matgedeelt, datt an Däitschland d’Zuel vun den Hautkriibserkrankungen tëscht 2002 an 2022 staark zougeholl hätt, an zwar ëm 75%. D’Fäll vun hellem Hautkriibs hätten sech méi wéi verduebelt. De schwaarzen Hautkriibs (Melanom) wier ëm 14% gestigen.

D’Zuel vun den Doudesfäll wéinst Hautkriibs ass an deem Zäitraum ëm 65% geklommen. D’Zuel vun den Doudesfäll wéinst Kriibs ass an deem selwechten Intervall just ëm 10% erop gaangen. Dës Augmentatioun vun den Zuele léisst sech ënnert anerem dorobber zeréck féieren, datt an Däitschland zanter 2008 all Versécherter ab 35 Joer all zwee Joer un engem Depistage fir Hautkriibs kann deelhuefen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Gesondheitsministesch folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Fäll vun Hautkriibs goufen zanter 2013 am Registre National du Cancer (RNC) erfaasst?*
- *Madamm Ministesch, wier et net sënnvoll och hei zu Lëtzebuerg een nationalen Depistage fir Hautkriibs anzeféieren ? Falls net, aus wéi enge Grënn ?*

Am RNC gi just d’Melanomen, also d’Fäll vu schwarzem Hautkriibs, gezielt.

- *Kann d’Madamm Ministesch präziséieren firwat net och d’Fäll vu wäissem Hautkriibs am RNC gesammelt ginn? Wier et eng Iwwerleeung wäert an Zukunft och dës Zort Hautkriibs am RNC ze erfaassen? “*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten



Gilles BAUM
Deputéierten